

gemaach an een Trimester Geometrie. Herno kritt een eng Moyenne, an da kann ee soen: Bon, d'Moyenne geet duer, mä ob deem elo Kompetenzen an der Algebra huet oder an der Geometrie, dat kann ech aus där Zensur net erausliesen.

An de Sproochen ass dat ähnlech. Déi eng maache schéin Aufsätz, da kréie se do hir Nummern, déi aner léiere vill Vokabelen. A wann den Enseignant e gudde Mix vu Prüfunge mécht, da kënnt dann eng 30 derbäi eraus oder eng Moyenne, déi driwwer ass. Mä et seet näischt driwwer aus, ob ee kann en Text schreiwen, ob ee kann e Résumé maachen, ob een eng Compréhension, e genügend Verständnis vun engem Text huet.

Duerfir, wa mer op deem neie System - wa mer déi Kompetenzen definéiert hunn - kënne iwwergoen, da muss ech zertifizéieren: Kann een en Text schreiwen oder kann en et net? Huet en déi Kompetenz oder huet e se net? An deem Fall gëtt natierlech dee ganzen Evaluationsystem komplett geännert.

Da muss mer eis just decidéieren: Wat sinn dann déi Kompetenzen, déi ee muss hunn, fir en Diplom ze kréien? Muss ech en héijen Niveau am Franséischen hunn, fir eng Première A ze kréien? D'Äntwert wär fir mech: Jo. Wéi een héijen Niveau muss ech da fir Infirmière - fir dat Beispill ze soen - am Däitschen, am Franséische hunn? An dee muss mer da festleeën. An da gëtt et an deem System keng Kompensatioun méi.

Ech denken, dass mer an der Primärschoul elo mat der Kompetenzdiskussion fir de Summer eng Proposition kënne virleeën, déi da jo natierlech breet muss diskutéiert ginn. Am Laf vum nächste Schouljoer bis op Neuvième, do wär ech frou, wa jiddfer ee sech dran abréngt, an dat implizéiert u sech en neie System vu Bewäertung an der Schoul, deem natierlech eng gréisser Ännerung géif da mat sech bréngen, esou dass ech géif soen: Elo si mer eigentlech an der Klengarbecht. Mä ech sinn awer mat all deenen d'accord, déi soen: Mir müssen eis e System ginn, wou mer och reell zertifizéiere wat eis Schüler kënnen.

Wäit ewech vu mir ass d'Iddi, dass mir de Kanner an der Schoul näischt solle bäibréngen. Ech mengen au contraire, dass mer mussen méi Efforté maachen an och an der Schoul vermëttelen, dass et net duerguet eng Moyenne ze kréien, well dat ass jo e bëssen déi Haltung. Wann ee Schüler - et hu mir och Schüler dat gesot - zu mir seet: Wann ech net brauch ze schaffen, da maachen ech näischt an deem Fach, wann ech net forcéiert ginn; da beängschtet mech dat.

An da soen ech: Mir müssen op e System iwwergoen, wou et net duerguet einfach ze rechnen eng Moyenne ze kréien, mä wou ee muss Kompetenzen hunn, a wou een déi zertifizéiere muss. Dee System implizéiert awer, dass mer fir d'éischt definéiere wat mer wësse müssen. Duerfir kann ech deem elo haut nach net aféieren.

Mä en attendant géif ech dann d'Chamber froen, déi Motioun hei net unzuhuelen, well mer net déi al Systemer, dat aalt Reglement tel quel kënnen aféieren, wat awer net verhënnert, dass ech déi abusiv Elementer géif iwwerkucken an deem besteende Reglement.

Här President, ech soe Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Delvaux.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun, déi d'Madame Brasseur virdrun déposéiert huet.

Motion 1

Ass de Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Da maache mer dat.

Vote

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 45 Nee-Stëmmen, bei 14 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Niki Bettendorf) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Martine Stein-Mergen), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Lucien Thiel), Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Négri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour, dat sinn d'Froen un d'Regierung. Déi éischt Fro ass déi vum honorabelen Här Marcel Oberweis un den Ëmweltminister iwwert d'Primen am ökologesche Beräich. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

5. Heure de questions au Gouvernement

- Question N°107 du 23 mai 2006 de Monsieur Marcel Oberweis relative aux primes d'encouragement écologique, adressée au Ministre de l'Environnement

■ **M. Marcel Oberweis** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Ministesch, Dir Häre Ministeren, mir hunn d'lescht Joer déi zwee Reglementer am Beräich vun der Notzung vun den erneierbaren Energië bis Enn 2007 weidergefuert.

D'Reglement vum 3. August 2005 weist am Speziellen eng Prime écologique am Beräich vun der Notzung vun der Biomass, der Wandkraaft, der Waasserkraaft an dem Biogas aus.

An dat zweet Reglement vun dem 14. Oktober 2005 besteet sengersäits aus Aiden, wann een an déi Energiequellen investéiert.

Wa mir awer wëlle bis Enn 2010 ronn 5,7% vun onsem Gesamtenergieverbrauch iwwer erneierbar Energien decken, da muss mer an all Forme vun erneierbar Energie investéieren.

A meng dräi Froen un de Minister:

Sinn am leschte Mount oder an de leschte Méint Projeten erausgaangen am Beräich vun der Notzung vun der Wandkraaft? Wandkraaft, déi eng Energieform ass, déi relativ no un d'Wirtschaftlechkeet erukënn.

A wann dat de Fall sollt sinn: Wou sinn där Siten an der Planung, a

wéi vill Leeschtung hu mer eventuell ze erwaarden?

An dann eng drëtt Fro nach: Wéi grouss ass d'Wirtschaftlechkeet vun de Wandkraaftanlagen am Hëlbleck vun deenen neien zwee Reglementer?

Merci villmools.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Oberweis. D'Wuert huet elo den Här Ëmweltminister, Lucien Lux. Här Lux!

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll d'Geleeënheet benotze vun der Fro vum Kolleeg Marcel Oberweis, fir feststellen, dass mer am Moment insgesamt 36 Anlagen am Beräich vun der Wandnotzung exploitéieren op insgesamt zwielef Siten, déi am Moment eng Puissance ausmaachen insgesamt vu 35.400 Kilowatt. Vlächent niewebäi ze bemerken, dass déi Installatiounen am Joer hei zu Lëtzebuerg ëm déi 1.500 Stonnen d'Joer kënne produzéieren, wou also d'Capacitéit vum Wand esou ass, dass eng Produktioun 1.500 Stonnen d'Joer méiglech ass.

Déi insgesamt Installatiounen, déi ech elo genannt hunn, produzéieren am Moment insgesamt 0,9% vun der gesamter Stroumconsommatioun hei zu Lëtzebuerg. Dat also par rapport zu deene 5,7%, déi Dir genannt hutt als déi Zilsetzung, déi mer eis ginn hu bis 2010.

Är Fro war dann déi gewiescht: Sinn nei Anlagen, nei Projekter, nei Projeten a Projektion? D'Äntwert ass: jo. Konkret sinn dat: eng Anlag zu Mompech mat enger Puissance vun 8.000 Kilowatt an eng zu Garnech mat 2.000 Kilowatt. Zwee weider Projete sinn an Diskussioun, awer ze fréi, mengen ech, fir se schonn dobaussen ze nennen, déi insgesamt nach eng Kéier ëm déi 12.000 Kilowatt géinge mat sech bréngen. Mä wéi gesot, se sinn en discussion, an ech mengen, et ass ze fréi, fir dat schonn hei ze nennen.

Et kënnt een dovunner ausgoen, dass déi Produktioun vun 0,9%, déi mer haut hunn, kann doubléiert ginn, dat heescht mir ginn dovunner aus, dass mer ëm déi 1,8% vun der gesamter nationaler Consommatioun iwwert de Wee vun dem Wand kënnen erreechen. Ech mengen, deem Doublement kënnt natierlech dohier, dass mer engersäits Ëmweltkonstellatiounen mussen Rechnung droen am Beräich vum Naturschutz, Habitat-Zonen an esou weider, dass een op där anerer Säit och muss gesinn d'Incommoédiere vun den Agglomeratiounen um Niveau vu Kaméidi an esou weider. Wann een also alles dat zesummerechent, gi mer dovunner aus, dass déi Zilsetzung méiglech ass.

Dir hutt da gefrot um Niveau vun den Aiden. Effektiv gëtt et jo déi zwou Méiglechkeeten, engersäits iwwert d'Loi-cadre économique iwwert de Wirtschaftsministère un de Frais-d'investissements an Héicht vun 10% vum Invest. Do leie mer mat engem Maximum vun 240.000 Euro pro Anlag vun 2.000 Kilowatt. Wann een se am Moment hält, leien déi Aiden, déi aktuell iwwert de Wirtschaftsministère bezuelt ginn, bei 2.650.000 Euro. Dat ass dat, wat am Moment um Niveau vum Invest iwwert de Wirtschaftsministère bezuelt ginn ass. Wann ee vun engem Dédoublement géing ausgoen op 1,8% vun der Consommatioun, wärem mer also bei ronn tëschent 4 a 4 an eng hallef Milliounen Euro, déi iwwert den Invest géinge bezuelt ginn.

An dann hutt Der deem zweite Reglement aus dem Ëmweltministère ugeschwat, dee vum 3. August 2005, wou mer jo deem ale Frang

weider bezuelen, wat haut 0,025 Euro ausmécht. Dat maachen am Joer 2006 Aspeisprimé fir déi dote Produktioun vun 867.000 Euro. Wann een natierlech och dat géing dédoubleieren, ech mengen da kënnt Der d'Rechnung selwer maachen, dass mer dann 1,8 Milliounen Euro Aspeisprime fir déi produzéiert Energie géinge bezuelen.

Schlussendlech géif ech lech drop verweisen, dass jo gewosst ass, dass déi zwee Ministère d'Agence de l'Énergie ëm eng potenzial Studie vun allen eenzelne Méiglechkeeten am Beräich vun den erneierbaren Energië beoptraagt huet. D'Resultater vun där Etüd sollen am frëien Hierscht virleien, an ech mengen, dass mer an den zoustännegen Kommissiounen vun der Économie a vum Environnement iwwert d'Resultater vun där Studie da wäerten diskutéieren.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dann ass déi nächst Fro déi vum honorabelen Här Jaerling, betreffend engem Presseartikel iwwert d'Pädophilie. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°108 du 22 mai 2006 de Monsieur le Député Aly Jaerling relative au Service de protection de la Jeunesse, adressée au Ministre de la Justice

■ **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Merci, Här President. An enger Wochenzäitschrëft, am „Investigateur“, dee vu sech behaupt, dass alles wouer wier, wat e géif schreiwen,...

■ **Une voix.** - Och!

■ **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - ...war an der Ausgab N°313 vum 19. op de 25. am Haartmount 2006 déi penibel Affär, déi dëst Haus hei am Zesammenhang mat engem Pädophilie-Fall huet misse matmaachen, an engem Artikel zitéiert.

■ **Une voix.** - Richtig!

■ **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Niewent dësem Artikel war dann en aneren Artikel publizéiert mat der Iwwerschrëft «Pädophilie: au Luxembourg aussi!».

An engem Passus vun dësem Artikel steet Folgendes ze liesen: «Dans ce cadre il faut évoquer une rumeur qui circule dans les rangs de la Chambre de Députés et qui met en cause pas moins qu'un député aux faits plutôt médiatiques pour ses penchants pédophiles. Des témoignages et des victimes, des enfants venant de Roumanie via un réseau bien organisé, entourent cette affaire, qui pour l'instant ne fait pas encore l'objet d'une enquête, mais qui commence à polluer l'atmosphère du parlement grand-ducal.»

Ech hunn dee Journalist, deem dat dote geschriwwen huet, an enger öffentlecher Televisiounsemissioun drop higewisen, dass, wann hie vun esou enger Affär Kenntnis hätt an och nach déi Persoun kennt, déi esou eppes verbrach soll hunn, hien dem Parquet dat misst matdeelen, soss wier e vun deem Moment un, wou e Kenntnis vun de Fäiten hätt, matschëlleg un all Akt, deem dee soi-disant Pédophile géif u Kanner verbrieche.

De Mann huet do behaupt, hien hätt Kenntnis dovun, dass schonn eng Enquête en cours wier, hat awer a sengem Artikel de Contraire geschriwwen. Esou Ënnerstellung wéi dat dote kann ech einfach net esou roue loossen, well sech u Kanner vergräife fir mech dat schëmmste Verbrieche ass. Awer och wéinst der Eier vun allen Deputéierten heibannen, a well soss och nach de Verdacht beim Vollek kéint opkommen, hei géif eppes verstopp ginn.

Et gëtt an deem Artikel och nach behaupt, de Service des moeurs et de pédophilie bei der Police judi-

ciaire wier ënnerequipéiert, duerfir kënnt net seriö enquêtéiert ginn.

Kann den Här Minister mer duerfir soen, ob hie Kenntnis vun deem Artikel huet?

Ass net och e Journalist verpflichtet, wann e Kenntnis huet vu kriminellen Akten oder Fäiten an och nach déi Persoun kennt, déi se vollbruecht huet, dem Parquet dat matzedeelen?

Ass den Här Justizminister net och der Meenung, dass, wa vun iergendengem öffentlech ënnerstallt gëtt, an dëser Chamber géif e mutmaassleche Pédophile sëtzen, onbedéngt eng Enquête misst entaméiert ginn an zumindest deem, deem esou Behauptungen opstellt, misst gehéiert ginn, och wann et e Journalist ass?

Gëtt et e Service des moeurs et de la pédophilie bei der Police judiciaire? Wa jo, ass dee wierklech ënnerequipéiert, esou dass keng seriö Enquêtes an deem Beräich kënne gemaach ginn?

■ **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet den Här Justizminister Luc Frieden.

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, d'Regierung fënn et inopportun fir iwwer Rumeuren, déi duerch verschidde Blieder kolportéiert ginn, Stellung ze huelen. Et ass selbstverständlech esou, datt, wann eng Persoun, insofern se net ënnert d'Regele vum Pressegesetz fält, Connaisance huet vu schlëmme kriminelle Fäiten, se déi muss de Justizautoritéite matdeelen. An nom Pressegesetz, insofern dat sech applizéiert, wat ech mengen hei net de Fall ass, da ka se dat. Ech mengen, wann et sech ëm schlëmm Doten handelt, soll se dat och maachen.

Ech wëll awer hei ausdrécklech soen, datt souwuel de Parquet wéi d'Police judiciaire mer op Nofro hi matgedeelt hunn, datt si keng Connaisance hu vu Fäiten, prezise Fäiten, oder vun enger Enquête, déi um Lefe wär an déi e Member vun dëser Chamber an deem hei genanntene Kontext concernéiert. Ech wëll weider drop hiweisen, datt déi zwou Sektionen an der Police judiciaire, déi sech ëm esou Affäre bekëmmern, engersäits d'Section Protection de la Jeunesse an anerersäits d'Section Criminalité Organisée, wann et ëm Mënschenhandel geet, datt déi esou ausstafféiert sinn, datt déi déi diesbezüglich Enquêtes och kënne seriö maachen.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domat ass déi Debatt ofgeschloss. Mir kommen dann zu deem nächste Punkt vun eiem Ordre du jour, dat ass de Projet de loi 5430, en Ofkommen tëscht der EU an der Volksrepublik China iwwert d'Transports maritimes. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Scheuer. Här Scheuer!

6. 5430 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et le Gouvernement de la République populaire de Chine, d'autre part, relatif aux transports maritimes, fait à Bruxelles, le 6 décembre 2002

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

■ **M. Jos Scheuer** (*LSAP*), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 6. Dezember 2002 huet d'Europäesch Unieon e Vertrag ofgeschloss mat der Volksrepublik China, e Vertrag iw-

wert den Transport mat Schëffer, den Transport maritime, iwwert d'Mier also - fir keng Konfusioun opkommen ze loossen.

De Projet 5430 huet nëmmen een Artikel, an duerch deem een Artikel gëtt den Accord dann approv- véiert. D'Gesetz ass am Joer 2005 déposéiert ginn. Ech hunn am schrëftleche Rapport dervu profi- téiert, fir quasi als Virspann zum Gesetz e kuerzen Aperçu ze ginn iwwert d'wirtschaftlech Relatiounen tëschent der Volleksrepublik China an der EU. Déi Zuelen, déi ech zi- téieren, déi stamen aus dem Joer 2004, an an der Zwëschenzäit huet sech nach villes gedoen an dëse Relatiounen.

D'Ekonomie vu China war am Joer 2004 - ech mengen, do huet sech näischt dru geännert - déi véiertstärkst vun der Welt hannert den USA, Japan an Däitschland. De wirtschaftleche Wuesstem vum PIB vun der Volleksrepublik China schwankt tëscht 9 an 10% - een enorme Wuesstem. An den Aus- senhandel vu China huet e fulgu- ranten Opschwonk kannt.

Den Export aus China, vu China an Europa huet sech am Joer 1999 op 52,41 Milliarden Euro belaf; 2004 hu mer fir 127 Milliarden Euro im- portéiert, an op där anerer Säit ass erausgaangen aus Europa a China 1999 fir 19,62 Milliarden, an am Joer 2004 fir 48 Milliarden Euro. Dat heescht also d'Balance com- merciale ass déficitaire a fir d'EU 2004 huet den Defizit 79 Milliarden Euro bedroen.

A mir hunn eis och d'Méi gemaach, fir d'Échangen tëscht China a Lët- zebuerg emol ze kucken: 1999 huet Lëtzebuerg importéiert fir 35 Milliounen Euro, an am Joer 2004 hu mer importéiert fir 62 Milliounen Euro, mä mir exportéieren a China méi, wéi mer importéieren aus China, an dat ënnerscheet eis vun der EU. 1999 hu mer exportéiert fir 39 Milliounen, an am Joer 2004 fir 133 Milliounen. Mir hunn also en Excédent vu méi wéi 71 Milliounen Euro.

Just déi puer Zuelen, fir ze weisen, wat fir e Potenzial vu Wuesstem nach besteet; wéi déi geschäftlech Relatiounen tëschent der Volleksre- publik China an der EU sech entwéckelt hunn, a wéi si sech och weiderentwéckelen. Am Joer 2004 huet den Import aus China 12,3% vum Gesamtimport vun der EU uitgemaach, a vun 1999 ass en also geklomm vu 5,3% op déi 12,3. An d'Exporter sinn net an deem Mooss gewuess, si hunn 1999 2,8% bedroen, an am Joer 2004 5%.

D'Konklusioun ass natierlech och, datt d'Accorden tëschent der EU a China noutwendeg sinn, absolut noutwendeg - Accorden, déi op de Prinzipie vum fräien Handel be- rouen, Accorden, déi Handelskri- cher verhënnere sollen, an den En- treprises Garantië ginn, fir zolidd Handelsbeziéungen opzebauen, a fir déi Handelsbeziéungen dann och ze ënnerhalen op feste Kritä- ren.

Den Accord geet méi wäit wéi déi bestoend bilateral Ofkommessen, vun deene Lëtzebuerg natierlech keent hat an dësem Domän, an

Sommaire des séances publiques

Dépôt d'un projet de loi	page 404
Communications	page 404
Ordre du jour	page 404
Dépôt d'une proposition de loi	page 404

Interventions au sujet de l'organisation de l'heure de questions au Gouvernement et des questions parlementaires pages 404-405

Heure de questions au Gouvernement

- Question N°101 du 15 mai 2006 de Monsieur Marc Spautz au sujet du bien-être des salariés du Laboratoire National de Santé, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 405

- Question N°102 du 15 mai 2006 de Madame Anne Brasseur relative à l'élaboration d'un projet de loi permettant la création d'un cycle su- périeur et de conférer au «Neie Lycée» le droit de décerner des di- plômes de fin d'études secondaires, adressée au Ministre de l'Édu- cation nationale et de la Formation professionnelle page 405

- Question N°103 du 16 mai 2006 de Monsieur Marc Angel relative au programme de construction de logements par le Fonds d'Urbanisa- tion et d'Aménagement du Plateau de Kirchberg, adressée au Minis- tre des Travaux publics page 406

- Question N°104 du 16 mai 2006 de Monsieur Robert Mehlen relative aux intentions du Gouvernement quant à la politique salariale du sec- teur public, adressée au Ministre de la Fonction publique et de la Ré- forme administrative page 406

- Question N°105 du 16 mai 2006 de Madame Martine Stein-Mergen concernant la pertinence de certains critères qu'une personne doit remplir pour pouvoir donner son sang, adressée au Ministre de la Santé pages 406-407

- Question N°106 du 16 mai 2006 de Monsieur Norbert Hauptert rela- tive à la réforme de la taxe sur les voitures automobiles notamment à la différence de traitement de voitures immatriculées avant et après 2001, adressée au Ministre de l'Environnement page 407

Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG relative au «1^{er} Plan d'action en vue de la réduction des émissions CO₂» du Ministère de l'Environnement pages 407-410

5530 - Projet de loi portant approbation du Protocole, signé à Vilnius, le 3 juin 1999, portant modification de la Convention relative aux transports internationaux ferroviaires (COTIF), du 9 mai 1980 page 410-411

Interpellation de M. Robert Mehlen au sujet de la politique agricole pages 411-418

5551 - Projet de loi relatif à la troisième adaptation budgétaire du pro- jet de construction Centre National Sportif et Culturel à Luxembourg- Kirchberg pages 418-422

5461 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur la promotion, la fourniture et l'utilisation des systèmes de navigation par satellites de GALILEO et du GPS et les applications associées, signé à Dromo- land Castle, Co. Clare, le 26 juin 2004 et de son Annexe;

5462 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant un système mondial de navigation par satellite (GNSS) à usage civil entre la Communauté européenne et ses États membres et l'État d'Israël, signé à Bruxelles, le 13 juillet 2004

et

5479 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant un système mondial de navigation par satellite (GNSS) - GALILEO entre la Communauté européenne et ses États membres et la République populaire de Chine, fait à Pékin, le 30 octobre 2003 pages 422-424

5532 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gou- vernement de la République du Cap-Vert dans les domaines de l'éducation, de la culture et des sciences, signé à Praia, le 20 no- vembre 1998 pages 424-425

5536 - Projet de loi portant approbation de la Convention relative à l'adhésion de la République tchèque, de la République d'Estonie, de la République de Chypre, de la République de Lettonie, de la Répu- blique de Lituanie, de la République de Hongrie, de la République de Malte, de la République de Pologne, de la République de Slové- nie et de la République slovaque à la Convention sur la loi applicable aux obligations contractuelles, ouverte à la signature à Rome le 19 juin 1980, ainsi qu'aux Premier et Deuxième Protocoles concernant son interprétation par la Cour de justice des Communautés europé- ennes, signée à Luxembourg le 14 avril 2005 pages 425-426

4939 - Proposition de révision de l'article 68 de la Constitution page 426

4285 - Proposition de révision de l'article 69 de la Constitution page 426

5575 - Proposition de loi portant modification de
1) l'article 51 (7) de la Constitution
2) la loi du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national
3) la loi électorale du 18 février 2003 page 426

5547 - Débat de consultation sur la mise en oeuvre de l'IVL (Integra- tives Verkehrs- und Landesplanungskonzept) pages 426-437

Hommage à la mémoire de M. Roger Linster, ancien Député page 437

Communications page 437

Ordre du jour pages 437-440

Heure d'actualité demandée par le groupe DP au sujet des critères de promotion appliqués dans le cadre de l'enseignement secondaire et secondaire technique pages 440-443

Heure de questions au Gouvernement

- Question N°107 du 23 mai 2006 de Monsieur Marcel Oberweis rela- tive aux primes d'encouragement écologique, adressée au Ministre de l'Environnement page 443

- Question N°108 du 22 mai 2006 de Monsieur le Député Aly Jaerling relative au Service de protection de la Jeunesse, adressée au Minis- tre de la Justice page 443

5430 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre la Commu- nauté européenne et ses États membres, d'une part, et le Gouverne- ment de la République populaire de Chine, d'autre part, relatif aux transports maritimes, fait à Bruxelles, le 6 décembre 2002 pages 443-444

den Accord bezitt sech op all Zorte vun Transporter, déi iwwert d'Mier ofgewéckelt ginn.

Interessant an deem Kontext ass awer och de Fait, datt déi sou ge- nannt intermodal Transporter ofge- séchert ginn. Dat heescht, dat si Servicer, Transporter, déi nëmmen deelweis iwwert d'Waasser of- gewéckelt ginn, déi nëmmen deel- weis mam Mier zesummenhänken an duerch déi d'Wuer da praktesch op d'Plaz geliwwert gëtt mat ane- ren Transportmëttelen, dat gëtt ge- nannt am Fachjargon de porte à porte, an deem ass och ofgesé- chert. Den Entrepreneur huet dann d'Recht op déiselwecht Servicer, op déiselwecht Behandlung wéi seng Kolleegen oder Konkurrenten aus deemselwechte Secteur. D'Chinesen, wa se an Europa kom-

men, hunn déiselwecht Garantien, an d'Europäer och, wa se a China ginn.

Lëtzebuerg huet wéi gesot kee bi- laterale Vertrag mat China am Sec- teur vum Transport maritime, an d'Schëffahrtsgesellschaften, déi ënner Lëtzebuerger Pavillon enre- gistréiert sinn, kënnen vun dësem Vertrag profitéieren. Ech hu mer erausgeprint, wéi vill där Schëffer kënnten dovunner profitéieren, na- tierlech ënnert där Bedingung, datt se dann och bis dohinner fueren: Mir hunn am Ganzen 132 Schëffer, déi ënnert dem Registre public ma- ritime figuréieren - 132 Schëffer, mat engem Total vu 720.771 Brut- totonnen. Interessant wär ze wës- sen, wéi vill de Lëtzebuerger Han- del oder deem Handel, deem iwwert dee Register mat Lëtzebuerg ver- bonnen ass, ka profitéieren.

Den Accord, deem ofgeschloss gëtt, gëllt fir fënnef Joer; e leeft wei- der, wa keng vun de Parteien e kënnegt, an dat ass och richtege, well den Ufank geet jo zréck op d'Joer 2002. Den Accord gëllt och fir déi nei EU-Länner an ass vum Europaparlament de 5. Juli 2005 dann approvéiert ginn. De Lëtze- buerger Statsrot hat kee Problem mat deem Accord. D'Kommissioun hat och kee Problem mat deem Ac- cord an - Dir wonnert lech net - d'Fraktioun vun de Sozialisten huet och kee Problem, fir deem Accord

zouzestëmmen, an ech iwwerbrén- gen also heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Scheuer. Et ass, wann ech dat rich- teg gesinn, net nëmmen d'Frak- tioun vun de Sozialisten, déi kee Problem huet, mä déi aner Frak- tiounen och net, an ech denken och d'Regierung net. Deement- spriechend denken ech och, dass mer kënnen elo zur Ofstëmmung vun dësem Projet kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich- Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie- Josée Frank (par M. François Ma- roldt), Marie-Thérèse Gantenbein- Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Marie-Thérèse Gantenbein- Koullen), François Maroldt, Paul- Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Lucien Thiel), Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Lucien Cle- ment), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto- Gaasch), Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Wei- ler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Ro- land Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Hel- minger, Claude Meisch (par M. Xa- vier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Lo- schetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Meh- len;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst öffentlech Sit- zunge si programméiert fir den 20. an den 21. Juni. Den Ordre du jour gëtt lech schrëftlech matgedeelt. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.42)

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Luxembourg

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg